# 25.01.1987 : Sortie

No der Generalversammlung an no deenen obligate Gespréicher mat eise Gäscht si mer bei de Bouler gaang ; fir

1. eis Theaterspiller fir hier vill Méi ze belounen an
2. de Comitésmembren eng kleng Entschiedegung ze ginn, fir all déi Aarbecht, déi si während der leschter Zäit geleescht hunn

war beschloss ginn, zesummen eppes klenges iessen ze goen.

Nom Apéritif, offréiert vum Haus Kohn, gouf et gekachten Ham, gebootschte Gromperen, Zalot a Saubounen. Als Dessert : Toart a Kaffi. ‘t gutt geschmaacht.

Raguets Misch huet seng Witze verzielt, et gouf gelaacht a gegeckst. Spéider gouf nach bei flotter Danzmusék gedanzt. Och esou guer Schach gouf vun e puer Mann gespillt.